CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Roy REDING**
Député – Member of Parliament
roy.reding@reding.lu

Lëtzebuerg, de 25. Januar 2019

Madame Generol-Procureur,

Heimat äntweren ech op Äre Bréif vum 17.01.2019 u meng Adress a schécken eng Kopie un RTL, esou wéi Dir dat mat Ärem Bréif gemaach hutt. Erlaabt mir als Volleksvertrieder, dat an eiser Sprooch ze maachen, well d'Bierger d'Recht hunn, ganz genee ze verstoen, wourëm et geet.

Ech äntweren Iech als Deputéierten, net als Affekot, well ech decidéiert hunn, mech voll a ganz menge Mandater als Volleksvertrieder ze widmen an dofir meng Etüd ze iwwerdroen a vum Barreau ze demissionéieren. Dat gëtt mir och d'Onofhängegkeet, fir **an all** Dossier kënnen ze soen an ze schreiwen, wat néideg ass, ouni musse beruffflech Konsequenzen ze fäerten.

An Ärem Schreiwe reegt Dir Iech op, well ech op RTL RADIO ugeprangert hunn, datt ëmmer erëm den „secret de l'instruction", also d'Untersuchungsgeheimnis, duerch Justizkreesser violéiert gëtt. Effektiv – an do kann ech Iech gäre ganz konkret Beispiller nennen – si gewësse Journalisten dacks schonn iwwert eng Perquisitioun informéiert, déi emol nach net ofgeschloss ass! Ech kann Iech do net nëmmen „Indizien" liwweren, wéi Dir mech dat frot, mee konkret Dossiéen, Nimm an Auerzäiten.

An engem besonnesch grave Fall – mat deem ech als Affekot guer näischt ze dinn hat – huet d'Verletzung vum Untersuchungsgeheimnis derzou gefouert, datt esouguer Reporteren doheem virun der Dier vun enger bekannter Perséinlechkeet waren, wéi bei hir d'Hausduerchsuchung stattfonnt huet.

An engem anere Fall gouf eng Persoun – nees net mäi Client – vun der Press ugeruff a gefrot, wéi si zum Uerteel vun der „Chambre du Conseil" géif stoen. Si konnt net äntweren, well SI wousst emol nach net, wat am Uerteel géif stoen.

Dir hutt Iech an Ärem Schreiwen u mech perséinlech engagéiert, esouwuel strof- ewéi disziplinarrechtlech géint Leit virzegoen, déi d'Untersuchungsgeheimnis violéiert hunn.

Ech soen Iech duerfir Merci! Et ass exakt dat, wat d'Bierger och vum drëtte Pouvoir – der Justiz – kënnen an däerfe verlaangen: datt och d'Justiz d'Gesetzer anhält an an Onofhängegkeet all Fall gerecht, fair, transparent, sachlech a korrekt behandelt – „ohne Ansehen der Person" an am Respekt vun de Mënscherechter an der Onscholdsvermuddung.

Dir hutt selbstverständlech Recht, wann Dir schreift, datt d'Justiz net „à la botte" vum Exekutiv wier; also dem Exekutiv, dem zweete Pouvoir hei am Land, net „höreg" wier.

Ech erlabe mir – als gewielte Vertrieder vum Vollek – e Schrëtt méi wäit ze goen: Hei am Land ass kee Pouvoir deem aneren höreg, an dat ass gutt esou! An all Pouvoir huet seng Roll ze erfëllen. Den éischte Pouvoir hei am Land ass d'Chamber, den „législatif". Seng Aufgab ass och derfir ze suergen an ze kontrolléieren, datt den zweete Pouvoir – eis Regierung – ewéi och den drëtte Pouvoir – d'Justiz – korrekt funktionéieren an handelen: ouni Abusen, Exzesser, am Respekt vun der Legislatioun an am Respekt virun all Bierger senger Privatsphär a senger mënschlecher Würd.

Weider féiert Dir nach d'Fräiheet vun der Press un. Jo, d'Press soll a muss iwwer Faiten an der Gesellschaft beriichten. Dozou gehéieren och Geriichtssaachen.

Si sollt sech awer selwer verbidden, Kompliz vu Strofdoten ze ginn. Genee dat geschitt awer, wann en Untersuchungsgeheimnis violéiert gëtt. Och dat ass eng Fro vun Ethik an ech sinn iwwerzeegt, datt d'Press – bei geneeër Analys vun de Virfäll – an Zukunft op Publikatioune verzichte wäert, déi d'Untersuchungsgeheimnis violéieren an déi e Mënsch DE FACTO duerch den Dreck zéien an déi berühmten Onscholdsvermuddung zu enger Farce gi loossen.

Mat all mengem Respekt,

Roy REDING
Volleksvertrieder